

Lëtzebuerg, den 30. September 2022

Communiqué

7 vun 7 Kardiologen vum Ettelbrécker Site vum Nordspidol (CHdN) hunn demissionéiert. Dëst ass eng schlecht Nouvelle fir d'Gesondheetsversuergung vun den Bierger, am Norden, mee och am Rescht vum Land. Ouni Kardiologen kann een keen Spidol bedreiwen. Mee och an aneren Klinicken riskéieren d'Luuchten no an no auszegoen.

Dëss Demissiounen sinn leider previsibel gewiescht an sinn eng direkt Konsequenz vun enger **joerzängtelaanger, gescheiterter Gesondheetspolitik** laanscht d'Interêten vun den Patienten an géint d'Dokteren. De Gesondheetsdësch ass leider eng verpassten Chance fir d'Weichen nei ze stellen an den Patienten wéi den Dokteren eng Perspektiv ze ginn.

D'Dokterschaft fënnt sech am System, deen si ausgegrenzt huet, ëmmer manner erëm. Nieft dem Dokteschmangel observéieren mer hei zu Lëtzebuerg esouguer eng reegelrecht Doktesch**flucht**. Den lëtzebuenger Patient kuckt schwéieren Zäiten entgéint.

An trotzdem lauschteren déi zoustänneg Politiker net op déi, vun deenen et der ëmmer manner ginn an déi fortlafen. Am Géigendeel, d'Dokteren ginn un engem Gesondheetsdësch ignoréiert an op d'Aen gedréckt. De Gesetzesprojet 8009 deen d'Ministesch géint besseren Wëssens op den Instanzewee geschéckt huet, léist keen vun eisen Problemer mee schaaft neier. D'Iwwerlaaschtung vun den Dokteren duerch Déngschter an de Klinicken spëtzt sech ëmmer méi zou. Och wann d'Spidols-Garden nach ni indemniséiert goufen, wat jo un sech schonn e Skandal ass, ass et virun allem e strukturellen Problem. Genau déi ginn awer vun der Politik net betruucht. Amplaz op eng intelligent vernetzten Versuergung, vun ambulant bis stationär, ze setzen, hält d'Politik un ofgelaafenen an verfeelten Rezepter fest, an vergrault esou d'Dokteren an anert Gesondheetspersonal, bis zum leschten.

D'AMMD steet selbstverständlech dem CHdN zur Verfügung fir Solutiounen ze fannen dass d'Gesondheetsversuergung an och eng koherent Spidolsmedezinn net komplett zesummebriechen.

Desweideren fënnt den **12. Oktober 2022** eng ausseruerdentlech Generalversammlung vun der ganzer Dokterschaft statt, wou mir op dës krank Gesondheetspolitik aginn, gemeinsam bewäerten an weider versichen d'Politik endlech ze beweegen.

Am Numm vum Verwaltungsrot,

(s) Dr. Alain Schmit
President

(s) Dr. Guillaume Steichen
Generalsekretär

(s) Dr. Philippe Wilmes
Vizepräsident

(s) Dr. Marc Peiffer
Stellvertredenden Generalsekretär
Spidolssecteur

(s) Dr. Frank Jacob
Member vum Verwaltungsrot